



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

REÇU  
*Par Alff Christian , 09:59, 08/06/2020*

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le

Réf. : 832x3fc16

**Concerne :** Question parlementaire n° 2140 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et de la soussignée à la question parlementaire n° 2140 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Test du coronavirus pour l'ensemble de la population".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT  
Ministre de la Santé





**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche à la question parlementaire n° 2140 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Tests du coronavirus pour l'ensemble de la population".**

De Käschtepunkt vun der geplangter Testserie huet e maximale Betrag vu ronn 35,44 Milliounen Euro. De groussen Deel vum Optrag ass un d'Laboratoires Réunis Luxembourgeois (LRL) gaangen. D'Commission des soumissions huet eestëmmeg an hirem Avis vum 23. Abrëll 2020 zréckbehalen, dass e Recours op den Artikel 64 (2) (c) („urgence impérieuse“) vum Gesetz iwver d'ëffentlech Ausschreiwunge vum 8. Abrëll 2018 méiglech ass.

D'Tester am Kader vum *large scale testing* ginn all vun de Laboratoires Réunis gemaach, ee Laboratoire d'analyses médicales, deen déi néideg Autorisatiounen dozou huet. D'Resultater ginn an nominativer Form weider un d'Direction de la Santé geleet; dëst op Basis vum Gesetz vum 1. August 2018 iwver d'Meldepflicht vu verschiddene Krankheeten (loi du 1<sup>er</sup> août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies). D'Direktioun vun der Santé kann agreeéiert an anonymiséiert Informatiounen weiderginn un d'Fuerschungsinstituter zu Lëtzebuerg, notamment fir am sougenannte *Modeling* benutzt ze ginn (z.B. Prevalenztauxen a verschiddene Populatiounsgruppen). Den Datenschutz betrëfft déi nominativ Donnéeën an ënnerläit dem normale System vu Gestioun vun den Donnéeë vun der Direction de la Santé, dee jo autoriséiert ass, esou Donnéeën zu sammelen an ze traitéieren. Dëst gouf och an engem speziellen Avis vun der Nationaler Datenschutzkommissioun am Ufank vun der Epidemie confirméiert.

D'Leit, déi sech teste loossen, kréie bannent zwee Deeg e Message geschéckt, wou se d'Resultat vum Test kënne consultéieren. D'Testresultater gi vum Laboratoire iwwert d'Agence e-santé bei d'Inspection sanitaire vun der Direction de la Santé geschéckt, déi als eenzeg Zugang zu den Daten hunn. Gespäichert sinn d'Date beim CTIE. Déi virdru genannten Acteure respektéieren de gesetzlechen a réglementaire Kader iwwert de Schutz vu perséinlechen Donnéeën.

Et gëtt net kontrolléiert, wie sech teste gelooss huet a wien net. Et gëtt just de Rapport etabléiert zwëschen der Zuel vun Invitatiounen, der Zuel vun Aschreibungen an der Zuel vun de Persounen, déi sech effektiv teste gelooss hunn.